International Theatre Institute ITI
World Organization for the Performing Arts

Welttheaterdag 2015

Déi wierklech Meeschtere vum Theater fënnt een net am Theater. Op alle Fall net an deem Theater, deen eng Maschinn ass fir Klischeen a Konventiounen ze reproduzéiren. Déi wierklech Meeschtere sichen no de liewege Quellen a Stréimungen, déi éischter e Bou ronderëm d'Theatersäll maachen an de ville Leit do, déi sech ploen dës oder déi Welt ze kopéieren. Mir maachen no, reproduzéieren, aplaz eege Welten ze schafen déi drop aus sinn en Dialog mam Publikum hierzestellen, an déi Emotiounen z'erkennen, déi ënnert der Iwwerfläch spruddelen. A fir verstoppte Leidenschaften un den Dag ze bréngen, gëtt et näischt Besseres wéi den Theater.

Meng Repère fannen ech meeschtens an der Prosa, si begleede mech an engem Stéck. Et si Schrëftsteller, déi virun engem Jorhonnert prophetesch awer niichter den Ënnergang vun den europäesche Götter beschriwwen hunn; en Ënnergang deen eis Zivilisatioun an eng bis haut nach net erhellten Däischtert gehäit huet. Ech denken u Franz Kafka, Thomas Mann oder Marcel Proust a mam Bléck op d'Géigewaart, den John Maxwell Coetzee.

Si verbënnt d'Gefill vun engem Enn vun eiser Welt, deem mir net entkomme kënnen, net vun eisem Planéit, mee d'Opléise vun engem Modell vun tëschemënschleche Bezéihungen, hirer sozialer Uerdnung an hir Wäerter, d'Afrostellen vun de bestanene Revolten. E Gefill wat eis haut och ëmmer méi bedrängt, och wa mir d'Enn vun der Welt schonn hannert eis hunn. Mir, déi all Dag mat Verbriechen a Konflikter konfrontéiert sinn, op ëmmer méi Plazen a mat enger Vitesse bei där souguer déi omnipräsent Medien an hirer deeglecher Informatioun net méi nokommen - déi, kaum genannt, schon nees langweileg ginn, fir ouni Spueren an den Dagesnoriichten ze verschwannen an eis emzingelt, entsat a machtlos zeréckloossen.

Fir Tierm ze bauen ass et ze spéit, an déi Maueren déi mer an engem Stéck opriichten, bidde kee Schutz. Am Géigendeel. Mir selwer mussen eis Maueren beschützen, intakt an dicht halen, woufir de Groussdeel vun eiser Energie dropgeet. Et feelt dann d'Kraaft fir d'Welt hannert der Mauer, hannert den Dieren nach matzekréien. A genee dat ass et jo wat den Theater ausmécht, grad hei läit seng Kraaft. Dohinn ze kucken, wou kucke verbueden ass.

"D'Legend versicht dat Onerkläerlecht z'erkläeren. Well se aus engem Fong vu Wourecht kënnt, muss se nees am Onerkläerlechen ophalen." - sou schreiwt de Kafka iwwert de Mythos vum Prometheus. Ech gleewen drunn, datt dës Wierder och den Theater beschreiwe sollten. An et ass genee deen Theater, deen an der Déift vun der Wourecht säin Ufank an am Onerkläerlechen säin Enn huet, deen ech all sengen Acteuren vu ganzem Häerz wënschen; denen op der Bühn an dene virun der Bühn.

Krzysztof Warlikowski

Iwwersetzung: Serge Tonnar